

Dréngenden Appell un d´Frënn vun der Walfer Musek

Kommittee: Roll an Optrag

De Kommittee ass e wesentlechen Bestanddeel vun all Organisatioun. Seng Missioun ass ganz villsäiteg a begräift am wesentlechen all déi Aufgaben, déi d´praktesch Funktionéieren vun enger Organisatioun a sengen Aktivitéiten erméiglechen. Laut Statuten besteet de Kommittee vun der Walfer Musek aus 7-11 Memberen. Innerhalb vun engem Kommittee sinn d´Rollen vun deenen eenzelen Memberen opgedeelt: de President/in; Sekretär/in; Tresorier/Tresorière an nach bis zu 8 weideren Memberen.

De Kommittee ass am Fong iwwee do gefuerdert, wou et heescht, d´Walfer Musek an déi eenzel Musikanten an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen.

Dat heescht, zum Beispill, Archiven féieren, wat eng usprochsvoll Missioun ass; d´Bestellen an den Inventar vun de Museksstécker an Instrumenter à jour setzen; d´Uniformen an de Schneider organiséieren; an, last but not least, all déi finanziell Froen klären a Konten féieren.

Zousätzlech zu deenen Aufgaben, déi sech spezifesch op den organisatoreschen Management vun der Walfer Musek bezéien, këmmert sech de Kommittee awer och em méi Convivialitéit, wéi zum Beispill, d´Chrëschtfeier, oder och nach em d´Sortien fir eis jonk a manner jonk Musikanten.

Wann och ëmmer d´Walfer Musek ennerwee ass, sief et fir d´Convivialitéit oder fir Concerten, spillt de Kommittee an der Virbereedung an och an der Organisatioun eng wesentlech Roll. Am Beschten kann een d´Roll an d´Aufgab vun eisem Kommittee mat engem konkrete Beispill illustréieren. Während d´Musikanten an hire Chef um musikaleschen Deel vum Gala Concert schaffen a prouwen, beschäftegt sech de Kommittee schon am Virfeld mat ganz konkrete Froen, wéi zum Beispill: de Kontakt mat de Gemengenautoritéiten; d´Reservéieren an Arichtung vum Lokal; Publicitéit; de Layout an d´Verdeelen vun Pousteren a Flyeren; de Kontakt mat de Sponsoren; d´Verschécken vun Invitatiounen; den Inventar an Bestellung vum Gedrénks; Bréidercher an Alles wat dozou gehéiert, wéi Ham, Salami, Kéis ...; Festleeën vun de Präisser; Iessen a Gedrénks verkafen a servéieren während dem Evenement, Opraumen duerno ...

Un Hand vun just engem Beispill kann een erkennen, dat d´Memberen vum Kommittee gefuerdert sinn, an dat Asaatz an gutt Zesummenaarbecht enorm wichteg sinn.

Bestandsopnam

Leider besteet de Kommittee vun der Walfer Musek nach just aus 4 Memberen. Zweek Memberen sinn ausserdeem aktiv Museker. Dat bedeit, dat se duebel belaascht sinn an déi zwee aner Memberen d´Aufgaben kaum packen.

Dat ass de Grond fir dësen Bréif, den ze verstoen ass, wéi een dréngenden Appell un all déi, deenen d´Walfer Musek um Häerz leit.

De Bréif riicht sech souwuel un d´Museker wéi och un hir Elteren oder Frënn a gutt Bekannten.

Mir wäeren wierklech frou an vun Häerzen dankbar wann d´Walfer Musek an hirer gudder a wertvoller Aarbecht duerch een staarken Kommittee mat neien Memberen kéint ënnerstëtzt ginn.

Den Comité vun der Walfer Musek

Goslings Ricky	rickygoslings@pt.lu	691 781946
Weis Josiane.	josianeweis@gmail.com	661 717 699
Wagner Nadine.	nad_wag@hotmail.com	621 623 224
Ferron Fred.	ferronfred@me.com	621 293076